



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 10. Mäerz 2022

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Hibleck op de Krich an der Ukrain stellen sech och fir Lëtzebuerg Froen, wat d'Ernierungssécherheet hei am Land ugeet. Et muss een dobäi wëssen, datt esouwuel Russland, ewéi och d'Ukrain zu de ganz grouse Länner gehéieren, wat den Export vu Liewensmëttel an/oder der Basis fir d'Hierstellung vu Liewensmëttel ugeet. Russland ass e ganz groussen Exporteur vu Weess an d'Ukrain ass iwverdeems weltwäit de gréissten Exporteur vu Raps- a Sonneblummeneleg. Besonnesch brisant ass an deem Kontext, datt dëse Raps- a Sonneblummeneleg duerch deen héije Proteinwäert als Basis fir d'Produktioun vu Fuddermëttel onverzichtbar ass.

Eis Bauere stinn elo scho finanziell staark ënner Drock wann ee bedenkt, datt eleng de Präis fir den Dünger zu Lëtzebuerg am Joer 2021 par Rapport zu 2020 ëm 195 Prozent geklommen ass. D'Präisser fir d'Fuddermëttel sinn am nämmechten Zäitraum ëm 14 Prozent an d'Luucht gaangen. Duerch d'Ukrain-Kris wäerten d'Präisser fir Agrarproduiten zousätzlech ferm an d'Luucht goen, esou datt een sech elo seriö Gedanken misst maachen, esou wuel wat déi europäesch, ewéi och wat déi national Ernierungssécherheet ugeet.

Wann d'Liewensmëttelpräisser weider esou massiv klammen, stellt dat virun allem fir déi finanziell schwaach Leit a Stéit en eeschthafte Problem duer. Déi vun der Regierung gefërdert Fokusséierung op Biolandwirtschaft kéint dëse Problem nach zousätzlech verschäerfen, well jo gewosst ass, datt d'Biolandwirtschaft manner ertragräich ass.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Kann den Här Minister opschlësselen, wéi vill Liewensmëttel Lëtzebuerg - opgeschlësselt no der Quantitéit vun deene jeeweilege Liewensmëttel - an deene leschte Joren aus der Ukrain bezunn huet?
2. Kann den Här Minister opschlësselen, wéi vill Liewensmëttel Lëtzebuerg - opgeschlësselt no der Quantitéit vun deene jeeweilege Liewensmëttel - an deene leschte Joren aus Russland bezunn huet?
3. Wéi schätzt den Här Minister d'Situatioun an der Ukrain an am Hibleck op d'Versuergungssécherheet mat Liewensmëttel fir Lëtzebuerg?

4. Sollt et an deem Kontext, esou wéi dat vu ville Fachleit virausgesot gëtt, weiderhin zu enger massiver Deierecht vun Agrarproduite kommen: Wéi gedenkt de Landwirtschaftsministère, fir dës Deierecht - esouwuel fir de Bauer, ewéi och fir den Endverbraucher, deen d'Liewensmëttel keeft - ofzefiedere? Wéi eng konkret Mesurë sinn hei geplangt?
5. Sollten sech an Zukunft eescht Problemer stellen am Hibréck op déi Lëtzebuerger Versuergungssécherheet mat Liewensmëttel, gedenkt de Landwirtschaftsminister an deem Fall seng Landwirtschaftspolitik generell ze iwwerdenken, fir d'Ernierungssécherheet weiderhin ze garantéieren - wuelwëssend, datt déi biologesch Landwirtschaft manner ertragräich ass, ewéi déi konventionell?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten